>> eng kloer Sprooch an denger Gemeng!

de nationale Gemenge-wahlprogramm 2011

adr

Den ADR-Wahlprogramm fir d'Gemengewahlen vum 9. Oktober 2011

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Wéi an der nationaler Politik well d'ADR Iech mat dësem Wahlprogramm och op Gemengenniveau eng kloer Alternativ zu deenen anere Parteie bidden.

An eisem Wahlprogramm fir d'Kommunalpolitik setze mir 5 Prioritéiten.

Déi véier éischt Prioritéite betreffen all Gemeng:

1. D'l**ëtzebuerger Sprooch** muss e wichtegt Mëttel zur Integratioun sinn, a muss dofir an all Gemeng op déi éischt Plaatz kommen.
2. Bis 2018 muss all Gemeng **behënnertegerecht** ageriicht sinn.
3. All Gemeng muss e Plang ausschaffen, fir déi **ëffentlech Sécherheet** ze verbesseren.
4. All politesch Aktioun muss d'**Famillje mat Kanner** besonnesch berücksichtegen.

Mat dëse Prioritéite wëlle mir Iech net ze vill verspriechen, mä awer e realistesche Programm presentéieren, deen sech mat enger engagéierter Equipe och wierklech a sechs Joer realiséiere léisst!

Déi 5. Prioritéit bezitt sech méi speziell op d'Haaptstad, huet awer fir d'ganzt Land an doriwwer eraus fir d'Groussregioun seng Wichtegkeet: d'ADR sëtz sech mat Nodrock **fir de City-Tunnel** a géint den Tram an !

Op de nächste Säite wëlle mir Iech eis Prioritéiten an eis aner Propositioune méi genee presentéieren. Mir sinn iwwerzeegt, datt eis Iddien déi richteg Alternativ fir Iech an Är Gemeng sinn, a mir hoffen, datt Dir duerfir dë Lëschte vun der ADR Äert Vertraue schenkt!

1: D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur op déi éischt Plaz!

D'ADR ass déi eenzeg Partei déi sech konsequent an iwwerall fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Esou ass d'ADR z.B. déi eenzeg Partei déi verlaangt, datt an eiser Verfassung d'Lëtzebuerger Sprooch als Sprooch vun de Lëtzebuerger festgeschriwwe misst ginn, esou wéi dat an anere Länner nëmmen normal ass.

Och d'Gemenge spillen, an Zesummenaarbecht mam Staat, eng wichteg Roll am Erhalen an am konsequente Gebrauch vun eiser Sprooch!

Dofir mécht d'ADR dës konkret Propositiounen:

a) Am Gemengerot gëtt Lëtzebuergesch geschwat. Dëst soll och wann et méiglech ass an de Kommissiounen de Fall sinn. De Membere vun de Kommissioune gëtt, wann et néideg ass, fir eng Iwwergankszäit Hëllef ugebueden (Coursen, Iwwersetzung) esou datt och d'Diskussiounen an de Kommissiounen op Lëtzebuergesch kënne gefouert ginn.

b) Wou et lëtzebuergesch Stroossen- oder Flouernimm gëtt, ginn déi exklusiv benotzt. Déi franséisch Bezeechnunge ginn duerch déi Lëtzebuergesch ersat.

c) Op de Gemengegebaier ginn déi franséisch Bezeechnungen duerch lëtzebuerger Nimm ersat, z.B. « Gemeng » aplaz Mairie », Pompjeesbau aplaz „Caserne des Pompiers", « Technesch Déngschter » aplaz „Services techniques", « Dokteschhaus » aplaz „Maison médicale", a.s.w.

d) All Publikatioune vun de Gemengen, also de Gemengebuet, Opriff, Invitatiounen, Informatiounen, d'Internetsäit an esou virun, an zwar souwuel déi am Gemengereider, wéi och déi déi verdeelt oder verschéckt ginn, mussen als éischt op Lëtzebuergesch sinn. Doniewent kënnen och déi zwou aner administrativ Sprooche vum Land, also Däitsch a Franséisch gläichberechtegt benotzt ginn. Jee no der Populatioun an de Méiglechkeeten déi eng Gemeng huet, kënne fakultativ dann och nach aner Sproochen dobäi kommen, wéi z.B. Portugisesch, Italienesch, oder Englesch. Mä keng Publikatioun däerf méi raus goen, déi net als éischt op Lëtzebuergesch ass!

e) Op den Uertschaftsschëlder déi am Agank vun den Dierfer a Stied stinn, gi progressiv déi Lëtzebuerger Uertschaftsnimm, als éischt an am Fettdrock geschriwwen. De franséischen Numm gëtt drënner geschriwwen. De Kadaster, wéi och d'Stroossekaarten an d'Navigatiounssystemer sollen deem ugepasst ginn.

f) All Gemeng proposéiert gratis Coursë, op verschiddene Niveauen, a mat verschiddene Methoden (Cours mat Léierpersonal, Buch an Tounträger, interaktive Computercours...) fir Leit déi d'Lëtzebuerger Sprooch, Orthographie a Grammaire wëlle léieren. Auslännesch Matbierger ginn iwwert dës Offer an engem personaliséierte Schreiwes an hirer Sprooch informéiert. D'Zäite wou d'Coursë mat Léierpersonal ofgehale ginn, mussen de Bedierfnesser vun de Participanten ugepasst sinn.

g) Weider trëtt d'ADR dofir an, datt d'Personal am Gesondheets- a Sozialsecteur (z.B. an der Betreiung vun eelere Leit) muss lëtzebuergesch schwätzen. Personal wat net lëtzebuergesch schwätzt, muss obligatoresch während der Aarbechtszäit a Sproochecoursë goen, déi vum Staat finanzéiert ginn. Esou wéi bei de Staatsbeamte verlaangt d'ADR dass all Gemengebeamte muss Lëtzebuergesch schwätzen.

h) Fir d'Integratioun vun de klenge Kanner virunzedreiwe soll an de Crèchen an an de *maison relais* Lëtzebuergesch geschwat ginn. D'Personal wat an dësen Haiser schafft muss obligatoresch d'Lëtzebuerger Sprooch beherrschen. De Staat an d'Gemenge mussen doriwwer eraus gratis Sproochecoursen ubidde fir Personal wat an der Geschäftswelt engagéiert ass.

i) All Gemeng organiséiert all Joer e lëtzebuergesche Kulturprogramm.

2: Fir behënnertegerechte Gemengen!

Den 13. Juni vun dësem Joer huet d'Chamber, mat de Stëmme vun der ADR, d'UN-Conventioun fir d'Rechter vun de Mënsche mat Behënnerunge ratifizéiert. Dat ass eng gutt Saach fir déi Persounen déi dovunner betraff sinn. Et geet awer net duer fir en Text am Parlament unzehuelen; d'Rechter vun de behënnerte Matbierger mussen och an der Realitéit ëmgesat ginn. Fir datt dat um Terrain klappt, stinn och d'Gemengen an der Responsabilitéit.

D'ADR fuerdert dofir konkret:

a) All Gemeng muss bis Juli 2012 en Inventar opstellen aus dem ervir geet, ob all ëffentlech Gebaier wéi z.b. Gemeng, Schoulen, Crèchen, *maison relais*, sportlech a kulturell Infrastrukturen, awer och Plazen, Kierfechter, Foussgängerpassagen asw. rollstull- a behënnertegerecht amenagéiert sinn. Dobäi muss och op d'Evakuatioun vun deene Leit an Noutfäll, wéi Feier, méiglech sinn.

b) Duerno muss am Kader vun engem Fënnefjoresplang alles wat net behënnertegerecht ass, prioritär ugepasst ginn, z.b. duerch Rampen, Lifter, ugepassten Toiletten, speziell Quaie bei Busarrêten fir Rollstullfuerer, akustesch Signaler fir déi Blann bei Verkéiersluuchten, Bezeechnungen am der Blanneschrëft (Braille) an Lifter. Eng Kommissioun, wou och Behënnerter sollen dra vertruede sinn, soll dëse Plang begleeden an driwwer waachen, datt d'Prioritéiten och agehale ginn.

c) Am Bautereglement muss ageschriwwe ginn, datt all Appartementshaus wat nei gebaut gëtt, muss accessibel sinn fir Rollstullfuerer. Dat selwecht muss fir all nei Geschäfter a Büroe gëllen.

d) D'Publikatioune vun der Gemeng mussen iwwerpréift ginn, ob a wéi si kënnen am Déngscht vun deenen eeleren a behënnerte Leit verbessert ginn. (z.B. iwwert d'Benotze vu méi grousse Buschtawen an engem Layout fir Leit déi net méi esou gutt gesinn,...)

e) D’Gemengen, iwwert eng Kommissioun oder Personal mat enger besonnescher Formatioun, sollen de Kontakt siche mat deenen Elteren, déi schwéier krank oder behënnert Kanner hunn, fir ze kucken ob a wéi si hinnen hëllefe kënnen, an dat komplementar zu den Servicer vum Staat. Dat kann z.B. am speziellen Aménagement vun de Gebaier vun der Schoul, der Crèche a *maison relais* bestoen, Upassungen um Schoulwee a.s.w.

f) Wéi et am Gesetz vum 12. September 2003 virgeschriwwen ass, muss all Gemeng mindestens 5% Salariéeën astellen, déi ënnert de Statut vum „travailleur handicapé“ falen. Do däerf et keng Ausrieden, keng Ausnamen a keng Derogatioune ginn! Déi ënnert b) zitéiert Kommissioun, mat der Personaldelegatioun, waacht dat dëst gesetzlech Norm respektéiert gëtt.

3: Fir eng besser ëffentlech Sécherheet

Zu den elementare Rechter vun de Bierger gehéiert d'Gefill a Sécherheet ze liewen, an am Rechtsstat muss déi ëffentlech Hand, a si eleng, fir dës Sécherheet suergen. Dobäi gëllt fir en demokratesche Staat den Equiliber ze fannen tëschent dem Bedierfnis u Sécherheet an der perséinlecher Fräiheet.

D'ADR ass sech de Schwieregkeete bewosst fir Sécherheet an perséinlech Fräiheeten ënner een Hutt ze bréngen, dës esou wuel um nationale wéi um lokale Plang. Vill, vläicht ze vill, Kompetenze wat d'Sécherheet ugeet léien haut an den Hänn vun der nationaler Politik. Dofir mussen och op dësem Plang de Staat an d’Gemengen enk zesumme schaffen, woubäi d'Gewiicht vun de Gemengen erëm méi staark muss ginn.

Ënner dëser Viraussetzung fuerdert d'ADR konkret an de Gemengen:

a) Méi e grousst Matsproocherecht fir d'Gemengen, wat d'Aarbecht vun der Police betrëfft. D'Gesetzer leeën de Gemengen eng ganz Rei vu Pflichten op, och wat d'Sécherheet op hirem Territoire betrëfft. Am Géigenzuch mussen dowéinst d'Gemeng am allgemengen op d'Hëllef vun der Police kënnen zréck gräifen. D'Gemenge mussen sech esou organiséiere kënnen datt dofir gesuergt gëtt, dat déi kommunal Polizeireglementer respektéiert ginn.

b) An Noutfäll mussen d'Servicer vun der Police an déi vun anere Sécherheetsdéngschter a vun der Gemeng enk zesumme schaffe kënnen, dëst iwwert gëeegent Prozeduren a Strukturen. Fir all Gemeng muss e lokale Sécherheetsplang (PLS - Plan local de sécurité) tëschent der Gemeng an der Police ausgeschafft ginn. Dëse muss regelméisseg op seng Efficacitéit iwwerpréift ginn, e muss ëffentlech bekannt sinn an d'Suggestiounen an d’Doléancë vun de Bierger mussen an dësem Plang berücksichtegt ginn.

c) D'Police muss méi eng grouss Präsenz um Terrain weisen, an esou organiséiert sinn, z.B. mat „Commissariats de proximité“, datt si dat gréisstméiglecht Vertraue bei de Bierger genéisst. D'Zuel vun de Beamten an d'Zäite wou dës Policekommissariater fonctionnéieren, mussen de lokale Verhältnisser ugepasst sinn. D'Gemenge mussen, wann si et wënschen, der Police adequat Lokaler däerfen zur Verfügung stellen.

d) D'Police muss, um lokalen an um regionalem Plang, kënne schnell op eng efficace Hëllef vum nationalem Niveau zielen, fir a gewësse Quartieren oder bei gewëssen Evenementer eng „zone de non droit » ze evitéieren. An alle Fäll muss d'Police iwwert déi néideg Mëttele verfügen, fir géint Bande kënne virzegoen.

e) Op besonnesch geféierleche Plaze solle Kameraen däerfen installéiert ginn, dëst awer ënner strengen Oplagen an am Respekt vun der Privatsphär an dem Schutz vun de perséinlechen Daten. D'ADR ass der Meenung datt Kameraen nëmmen en Zousazinstrument kënne sinn, wat op kee Fall en Ersatz fir déi néideg Präsenz vun der Police ka sinn.

f) Och d'Ëmfeld kann zur Sécherheet oder Onsécherheet bäidroen, an hei hunn d'Gemengen eng besonnesch Roll ze spillen. Déi ëffentlech Beliichtung muss z.B. dene néieesten Konzepter gerecht ginn. De „Mobilier urbain“ (Busarrêten, Bänken, …) muss esou ugeluecht sinn dat ë weder donkel Gestalten nach Vandaler ulackelt. Ëffentlech Gebaier, wéi d'Gemeng, d'Schoulen, a.s.w. mussen duerch technesch Moossname wéi Alarmanlagen oder d'Präsenz vu Personal geschützt sinn.

g) Vill kléng Delikter kéinten duerch eng efficace Aarbecht vu « Streetworkeren », déi besonnescht Vertraue bei de Concernéierte genéissen, evitéiert ginn. Hei muss et eng efficace Zesummenaarbecht tëschent nationalen an lokale Verantwortlecher ginn, et muss vernetzt geduecht ginn an déi néideg Strukturen um lokale Plan, wéi Jugendhaiser, mussen efficace fonctionnéieren.

4: Sozialpläng fir Familljen

Och a grad no der Reform vun dem „Sozialbüro“ (office social) bleiwen d'Gemengen an der Flicht fir deene méi schwaache Matbierger ze hëllefen. Och d'Evolutioun vun onser Gesellschaft, wou ëmmer méi Leit eleng liewen, oder wou een Elterendeel eleng fir Kanner muss suergen, bréngt et mat sech dat besonnesch um lokalen Niveau d'Solidaritéit muss ganz grouss geschriwwe ginn. Fir d'ADR ass et wichteg, dat och déi sozial Schwaach kënnen e Liewen an Dignitéit féieren!

D'ADR fuerdert dofir konkret:

a) All Gemeng soll e Sozialplang fir 6 Joer ausschaffen. Tëschent de Gemenge solle regional Sozialpläng entwéckelt ginn, déi all Sozialleeschtungen an Hëllefstrukturen vernetzen, a Prozedure vereinfachen.

b) Famillje mat Besoine sinn bis elo an der Situatioun, datt si Ufroen op verschiddene Plaze musse maachen, fir vu verschiddene Leeschtungen an Ënnerstëtzunge kënnen ze profitéieren. D'ADR wëll dëst vereinfachen! All Famill mat Besoine soll sech kënnen un eng Referenzpersoun adresséieren, déi hinne bei allen néidegen Demarchen hëlleft.

c) Déi sozial, edukativ a finanziell Ënnerstëtzunge sollen optimal vernetzt gi fir e méiglechst efficacen a kompletten Encadrement ze garantéieren, haaptsächlech:

- fir d'Kand an de Jugendlechen: bei alle Leeschtungen am Beräich Crèche, *maison relais*, Schoul, Schoulservicer, Jugendhaus a Veräiner,
- fir de Kranken an den eelere Matbierger: bei alle Leeschtunge bei de Gesondheetsdéngschter, Iessen op Rieder an de Veräiner,
- fir de Behënnerten: spezifesch un seng Bedierfnesser ugepassten Hëllef,
- fir den Aarbechtslosen: bei alle Leeschtunge wéi z.B. Weiderbildung a psychologesch Déngschter,
- fir den Immigrant: Accueil, Begleedung, Sproochecoursen,

d) Doriwwer eraus solle Präventivmoossnamen an Hëllefsprogrammer am kommunale Sozialplang erschafft ginn -

géint

- Schoulversoen,
- Verschëldung,
- Aarbechtslosegkeet,
- Ofhängegkeeten,
- mental a physesch Krankheeten,

a fir

- eng besser Gesondheet,
- méi Beweegung,
- besser sozial Integratioun,
- Hëllef an edukative Froen (beim klenge Kand an an der Pubertéit)

5: Neen zum Tram, Jo zum City-Tunnel

Fir d'Stad am Besonneschem, awer mat enger Wichtegkeet déi d'ganzt Land an d'Groussregioun betrëfft, gëllt et an deenen nächste Joeren de Verkéiersproblem vun de Pendler ze léisen. Dëse Verkéiersproblem läit an der grousser Zuel vu Leit déi Mueres an d'Stad op hir Schaff kommen, an Owes nees aus der Stad eraus fueren. Nëmmen d'Eisebunn an en Tunnel ënnert der Stad kënnen dëse Problem efficace léisen ! Mat de Gemengewahle ginn do d'Weiche fir d'Zukunft gestallt! Déi traditionell Parteie schwätzen sech all fir den Tram aus, dobäi kann den awer nëmme maximal 6 000 Persoune pro Stonn transportéieren! Den Tram léist de Problem net, e mécht en am Géigendeel nach méi schlëmm !

Vun alle Parteie proposéiert alleng d'ADR déi eenzeg vernünfteg Léisung: de City-Tunnel fir d'Eisebunn! Op déi Manéier kënnen d'Zich iwwer 24 000 Leit pro Stonn ënner der Stad erduerch féieren, an dës kënnen dann direkt an ënnerierdesche Statiounen am Zentrum, um Lampertsbierg an um Kierchbierg eraus klammen ouni musse virdrun ëmzeklammen ! Sou gëtt de Verkéier aus der Stad erausgeholl amplaz e nach méi schlëmm ze maachen !

Eng ganz Rei Informatioune mat de Virdeeler vum City-Tunnel an den Nodeeler vum Tram fannt dir op den Internetsite vum ADR a vun der Vereenegung RER.

Dofir fuerdert d'ADR konkret:

a) Déi vill Etuden an Buedemtester fir den Tram, déi ganz vill Sue kaschten a näischt bréngen, mussen DIREKT gestoppt ginn.

b) De GIE „Luxtram“ (eng Gesellschaft wou de Staat an d'Gemeng participéieren) gëtt, bis eng definitiv Entscheedung gefall ass, an de Stand-by gesat. D'Personal gëtt esou laang fir aner Missiounen am Kader vum ëffentlechem Transport agesat.

c) Obschonns d'Chamber muss e Gesetz stëmmen an de Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg muss seng Zoustëmmung gi, verlaangt d'ADR dass d'Bierger no enger objektiver Informatiounscampagne iwwert de Wee vun engem Referendum decidéieren

D’ADR fir méi Liewensqualitéit:

eis aner Iddien a Propositiounen

Niewent deene fënnef grousse Prioritéite setzt eis Partei sech och weiderhi fir eng méi grouss Liewensqualitéit an de Gemengen an.

Villes bleift do ze maachen – vill vun eisen traditionelle Fuerderungen an der Gemengepolitik behalen hir Wichtegkeet. Doniewent kommen awer och ëmmer méi nei Erausfuerderungen dobäi. Besonnesch am **Emweltschutz, der Energiepolitik** an an der laangfristeger Entwécklung vun de Gemenge wëll d’ADR deenen neiste wëssenschaftlechen an technologeschen Normen entspriechen an eis Gemengen op den beschtméigleche Niveau bréngen. Investitiounen an Ëmwelt an an eng vernünfteg Energiepolitik si fir eis eng Selbstverständlechkeet.

Gemengepolitik, wéi och d’Politik um nationale Plang, kann awer net alles leeschten a scho guer net alles gläichzäiteg. Besonnesch an Zäite vun héijen Defiziter, Finanz- a Scholdekrisen, mussen och d’Gemenge gutt op d’Suen oppassen. D’ADR setzt sech dowéinst fir **equilibréiert Budgeten** an. D’Gemengen däerfen sech net héich verschélden, fir déi zukünfteg Generatiounen net ze hypothekéieren. Fir d’ADR ass dowéinst och wichteg dat, besonnesch bei groussen an deiere Projeten, d’Gemengen esou wäit wéi méiglech op d’Kooperatioun mat hire Nopeschgemenge setzen. Mir brauchen net an all Gemeng een oder gläich e puer Prestigegebaier, mä mir sichen ëmmer déi bescht méiglech Déngschtleeschtunge fir d’Leit ze fannen, an dat zu engem vertrietbare Präis.

Liewensqualitéit heescht fir eis och en Ëmfeld ze erhalen, oder ze schafen, wou d'Leit sech richteg wuel fillen, an do spillt d'Erhale vun eiser traditioneller Bausubstanz a vum Charakter vun eise Stied an Dierfer eng wichteg Roll. Fir d'ADR ass net nëmmen eis Sprooch wichteg, mä och eis **historesch an architektonesch Bausubstanz**. D'ADR fuerdert dofir, dat eis erhalenswäert a regional-typesch Gebaier besser geschützt ginn. Mir wëllen dofir kommunal Subside fir d'Renovatioun an d'Sanéierung vun esou Haiser aféieren. D'Gemenge sollen sech an hire Bebauungspläng d'Mëttele verschafe fir kënnen ze verhënneren, datt historesch Plazen duerch onpassend Konstruktioune kënne verschampeléiert ginn.

D'ADR ass och eng engagéiert sozial Partei! Dowéinst wor si och net mat där dramatescher Erhéijung vum **Waasserpräis** averstan, den dës Regierung ze veräntweren huet. Besonnesch fir d'Famillje mat Kanner gëtt d'Waasser ëmmer méi zu engem Luxusprodukt. Dat däerf net sinn! D'Waasser ass e Basisprodukt dat jidderee brauch an dat jiddereen sech och muss kënne leeschten! D'ADR fuerdert dofir dat et beim Waasserverbrauch e **Gratis-Sockel fir all Bierger** gëtt. Eiser Meenung no, muss all Bierger an der Gemeng, also och d'Kanner, e Gratis-Recht op 30 Fudder Waasser am Joer hunn. Eréischt dat Waasser dat doriwwer eraus verbraucht gëtt, soll facturéiert ginn.

Am eenzelnen wëll d'ADR d'Liewensqualitéit an enger ganzer Rei vu Beräicher verbesseren.

Dozou gehéieren :

A: Méi Liewensqualitéit fir jonk Familljen, Jonker a Kanner

D'ADR plaidéiert fir kannerfrëndlech Stied a Gemengen.

Et läit der ADR um Härz fir dofir ze suergen, dat besonnesch Familljen mat Kanner sech an hirer Gemeng gutt opgehuewen a wëllkomm spieren. Dofir mussen et genuch a sécher Spillplaze ginn, mä och genuch aner Infrastrukturen, wéi zum Beispill Crèchen a *maison relais*. Fir vill Elteren déi schaffe ginn, besonnesch och fir all déi Mammen a Pappen déi hir Kanner alleng erzéien, ass et wichteg dat si sech op eng gutt Ganzdaagsbetreiung fir hir Kanner kënne verloossen. Dobäi mussen d'Zäite vun de Crèchen an de *maisons-relais* op déi reëll Bedierfnisser vun de Leit ofgestëmmt sinn. Dozou gehéiert och, dat esou Infrastrukture geziilt an der Géigend vun aarbechtsplaatzintensiven Zonen implantéiert ginn.

D'Gemeng muss fir sécher Schoulweeër suergen a fir däitlech gezeechent a gutt beliichten Zebrasträife wou d'Kanner kënnen ouni Gefor iwwer d'Strooss goen. Och d'Sécherheet an d'Hygiène an der Géigend vun de Schoulen ass fir eis eng Prioritéit.

Fir d'ADR ass et och wichteg, dat déi Zäit déi d'Kanner an ëffentlechen Ariichtunge verbréngen och genotzt gëtt fir mat hinnen ze schaffen an ze léieren. Besonnesch och fir auslännesch Kanner déi nei an eng Gemeng komm sinn, kann e flotten a léierräiche Programm op lëtzebuergesch an enger ëffentlecher Infrastruktur zu enger séierer Integratioun am Sënn vun enger besserer Chancëgläichheet bäidroen.

Kannerfrëndlech Politik, Integratiouns- a Sozialpolitik kënnen och matenee geduecht ginn. Sou zum Beispill kann eng Gemeng Nohëllefstonnen organiséieren oder subventionéieren. Besonnesch och bei auslännesche Kanner déi nei ukomme kënnen esou Coursë ganz vill dozou bäidroen, dat si séier Fouss an eisem Schoulsystem faassen an Ulafschwieregkeete mat eisen dräi Sproochen iwwerwannen.

Fir déi Jonk sollt et, niewent de Sportinfrastrukturen, och genuch Jugendhaiser ginn, wéi och Plazen, wou si ouni Zwang awer ënner séchere Bedingunge Sportaarte wéi BMX, Skate, Inliner, Snakeboard... kënnen ausüben. Esou Infrastrukture kënnen zum Deel och vun deene Jonke selwer administréiert ginn, woubäi se vun hirer Gemeng, ënnerstëtzt ginn.

D'ADR well sech och dofir asetzen, dat nees méi Jonker sech a Veräiner engagéieren, sief et am Sport, an der Kultur, bei de Scouten a Guiden oder an anere Beräicher.

D'Gemeng soll d'Méiglechkeet hunn aarbechtslos jonk Leit a Schoulofgänger fir allgemeng nëtzlech Aarbechten ze beschäftegen an ze forméieren, bis si eng Aarbecht um Aarbechtsmaart fonnt hunn.

B: Méi Liewensqualitéit duerch Sport, Kultur a Natur

Gesondheet a Beweegung gehéieren zesummen. Dowéinst ass et wichteg, dat d'Gemenge gutt sportlech Infrastrukturen hunn an dat si hir Veräiner och genuch ënnerstëtzen. Wann et och schonn op ville Platzen duerch d'Land esou Installatioune gëtt, da feelen si awer nach op esou munchen anere Platzen, zemools a méi klengen a méi aarme Gemengen. Och muss ee wëssen, dat et nach eng Rei vu Sportaarte gëtt, déi nach net genuch Installatiounen am Land hunn. Fir esou Defiziter ofzeschafe gëllt et um Niveau vun de Gemengen a vum Staat zesummenzeschaffen!

Vill Leit wëlle Sport maachen awer sech dofir net onbedéngt an engem Veräin engagéieren. Och fir si mussen dofir d'Gemengeninfrastrukturen op sinn. Besonnesch fir déi eeler Leit kann eng Gemeng e spezifeschen an ugepasste Sportprogramm offréieren, well vill Matmënsche wëllen haut bis an den héijen Alter fit bleiwen !

Fir d'ADR ass d'Kultur eng zentral Aufgab fir all Gemeng. Dozou gehéieren niewent de Kulturhaiser an der materieller Ënnerstëtzung vun de Veräiner, zum Beispill duerch adequat Lokaler, och en aktiven a variéierte Kulturprogramm. Kultur muss fir jiddereen accessibel sinn. Wann eeler, krank oder behënnert Leit net aus eegener Kraaft kënnen un kulturellen Aktivitéiten deelhuelen, da sollt d'Gemeng hinnen hëllefen, zum Beispill beim Transport. Dat selwecht gëllt fir sportlech Aktivitéite wou eeler, behënnert oder krank Leit entweder wëllen nokucke kommen oder bei fir si ugepasste Programmer selwer wëlle matmaachen.

D'ADR plaidéiert och fir ëffentlech « Bicherschief » a « Bicherbänken » wou d'Leit sech kënne ganz informell e Buch léinen oder eent vun hiren eegene Bicher do fir déi aner Leit erastellen. An der Schwäiz an an Däitschland gëtt et ëmmer méi esou Modeller an d'ADR denkt, dat dëst och fir Lëtzebuerg eng ganz gutt Iddi wär.

An de lokalen a regionale Kulturzentere kéinten och Mediathéiken ageriicht ginn, déi niewent dem Buch de Leit och nach aner Medien ubidden, wéi z.B. Filmer a Musik.

D'Erhuelung vun de Mënschen ass e ganz wichtegen Aspekt vun der Liewensqualitéit. Dowéinst sollt et vill Parke ginn, Erhuelungsgebidder a méiglechst grouss an zësummenhängend Naturschutzzonen. D'Gemengebëscher a -Weeër solle besonnesch gefleegt ginn.

Eis Stied an eis Dierfer ginn ëmmer méi zougebaut an dobäi verschwanne leider ëmmer méi Gäert a Wisen. Fir d'ADR ass et dofir kloer, dat an de Bebauungspläng vun de Gemenge musse genuch Stécker fir Gaardekolonien a Gréngfläche reservéiert ginn.

Fir d'Déieren an den Déiereschutz wëll d'ADR eng consultativ Gemengekommissioun ariichten. Si soll ënner anerem Propositioune maachen, wéi d'Déiere kënnen aartgerecht gehale ginn, e kompetenten Uspriechpartner sinn fir Leit déi Problemer am Zesummenhank mat Déieren hunn an am Naturschutz mathëllefen.

D'ADR leet grousse Wäert op d'Erhaalen vun eiser historescher Bausubstanz. D'Dierfer solle méi schéi ginn, och mat der Hëllef vun engem Duerfentwécklungsplang. Bei de kommunale Bautereglementer sollen an Zukunft, besonnesch an deenen historesch gewuessene Quartieren, och ästhetesch Critèrë kënne berücksichtegt gi fir eng Bauerlaabnis ze ginn oder ze refuséieren, an dat a Coordinatioun mat dem « Service des Sites et Monuments ». Elektresch Leitungen, Telefonsdréit an esou weider solle prinzipiell ënnerierdesch verluecht ginn.

Parken a vill Grénge, Foussgängerzonen, Bänken, breet a sécher Trottoiren, Velosstänneren an eng gutt Beliichtung si weider besonnesch wichteg Elementer fir eng gutt Liewensqualitéit.

An den ëffentleche Parkingen, bei de Schoulen, Crèchen a *maison relais*, bei de Spillplazen an an den Akafszentren, sollen d'Fraeparkplaatzen duerch Familljeparkplaatzen ersat ginn, déi esou breet an esou sécher sinn, dat och eng Kannerkutsch kann an aller Rou opgeriicht ginn.

C: Méi Liewensqualitéit duerch sécher, roueg a propper Gemengen

Hautdesdaags kënnt vläicht déi gréisste Belaaschtung an de Gemenge vum Stroosseverkéier, vum Kaméidi, deene sëlleche Geforen, dem Stëbs an den Ofgasen. D'Verkéieresberouegung steet dowéinst un där éischter Plaz vun den ADR-Revendicatiounen an dësem Beräich.

Zu onsen Haaptprioritéiten gehéiert dofir de Projet vum City-Tunnel, engem grenziwwerschreidendedem Projet, deen, anescht wéi den onsënnegen Tram, ganz vill vun eise Verkéiersproblemer kéint an de Grëff kréien.

Fir Uertschaften déi besonnesch staark vum Duerchgangsverkéier geplot sinn, sollen Emgehungsstroossen gebaut ginn. Velosweeër, Eeweestroossen (voies à sens unique), Parkméiglechkeete rondrëm d'Uertschafte mat Busdéngschter fir an den Zentrum ze kommen a limitéiert Vitessen a Wunnquartieren si weider gutt Moossname fir de Verkéier ze berouegen.

D'ADR trëtt och ganz decidéiert dofir an, dat all Gemeng muss e Reglement géint de Kaméidi hunn, dat och strikt respektéiert an duerchgesat gëtt. Als familljen- a kannerfrëndlech Partei ass dobäi awer och kloer, dat d'ADR dee Kaméidi den Kanner beim Spille maachen, net wëll reglementéieren oder esou bestrofen!

Proppert Waasser ass eng aaner vun eise Prioritéiten. Al Réier aus Eternit oder Bläi mussen esou séier wéi méiglech duerch nei an absolut waasserdicht Réier ersat ginn. Et däerf kee Waasser méi duerch Fuite verbëtzt ginn ! Zum Thema Waasser gehéiert haut och, dat d'Ofwaasser korrekt evakuéiert gëtt. D'Netz vun de Kläranlage muss ausgebaut ginn. Besonnesch an Zäite wou ëmmer méi kleng awer gläichzäiteg och effizient Kläranlagen op de Maart kommen, sollt all Gemeng hir Infrastruktur an dem Beräich iwwerpréiwen an, wa néideg, verbesseren.

All Gemeng muss sech fir de Schutz vun der natierlecher Ëmwelt asetzen. Niewent dem Schutz vu eiser Flora a Fauna, vu Biotopen an anere wäertvolle Plazen, gëllt et besonnesch och fir am Beräich vun der Energie op laangfristeg ofgeséchert, propper an erneierbar Quellen ze setzen. Dat kann an Zesummenaarbecht an a mat Gemengesyndikater geschéien, wéi och am Dialog mat Spezialisten a spezialiséierten Ëmweltorganisatiounen. Wichteg sinn alternativ Energien, wéi Biogasinstallatiounen a Kraaft-Wärm-Kopplungen. Besonnesch mat eise Bauerebetriber sollten déi energierelevant Froen intensiv diskutéiert ginn.

D'Gemenge sollten sech och Méi gi fir wëll Deponien oder Dreckstippen vu fréier ze fannen an ze eliminéieren. Dobäi sollt de Buedem entgëft ginn. Do wou nach e Verantwortleche fir eng Pollutioun kann identifizéiert ginn, sollt den och kënne finanziell zur Rechenschaft gezu ginn. D'Gemenge sollte genuch Sammelplazen fir den Dréck ariichten. Déi Container sollen dacks genuch eidel gemaach ginn, an déi Plaze wou se stinn däerfen net zu Drecksecker verkommen. Do wou et lokal oder regional Recyclingscentere ginn mussen d'Ëffnungszäiten un d'Besoine vun de Bierger ugepasst sinn.

De Privatleit an de Betriber an enger Gemeng soll kënnen en Ëmweltberoder ugebuede ginn, den entweder direkt an der Gemeng schafft oder um regionalem Niveau aktiv ass. Dësen Ëmweltberoder sollt ëmmer an déi consultativ Gemengekommissioune fir Bauten, Ëmwelt, Transport an esou weider als net stëmmberechtegten Expert mat invitéiert ginn.

Fir d'Pompjeeën an d'Protection civile muss ëmmer dat beschtméiglecht Equipement zur Verfügung stoen. Dozou gehéieren och anstänneg Kasären an aner Infrastrukture wéi och eng ausgezeechent Formatioun. D'ADR ënnerstëtzt d'Zesummenleeë vu Pompjeescorpsen an vu Pompjeeën an Sekuristen, esou wäit dëst vun de Fräiwëllege gewënscht ass.

D: Méi Liewensqualitéit duerch eng biergerno Politik a gutt Gemengeverwaltungen

D'ADR ass sech bewosst, dat et an de Gemengen ass, wou d'Bierger dat gréissten direkt Matsproocherecht an der Politik hunn. Am Gemengerot, an de consultative Gemengekommissiounen, mä och an de Lokalsektioune vun de politesche Parteie geschitt e groussen Deel vun eisem politesche Liewen. Dat erlaabt och eng grouss Transparenz vun den Entscheedungen um lokalem Niveau, besonnesch an deene méi klenge Gemengen. Fir d'ADR ass et wichteg déi direkt politesch Participatioun an déi Transparenz ze erhalen a, wann ëmmer méiglech, nach weider auszebauen.

D'ADR ass dofir och fir méi direkt Demokratie um kommunalem Niveau, zum Beispill duerch méi Decisiounen iwwer de Wee vum Referendum. Dës solle virun allem bei méi grousse Projeten organiséiert ginn, an ganz besonnesch iwwert de Choix tëschent dem Tram an dem City-Tunnel.

Direkt Demokratie heescht awer och dat d'Bierger musse gutt informéiert sinn. Dofir sollen d'Sëtzunge vum Gemengerot a vun de Kommissiounen esou wäit wéi méiglech esou organiséiert ginn, dat méiglechst vill Leit och kënnen nolauschtere kommen. Am Gemengerot muss d'Ëmgangssprooch d'Lëtzebuergescht sinn! D'Dagesuerdnung vun all Sëtzung muss iwwer Internet oder Infokanal fir all Bierger disponibel sinn. Ausserdeem sollt en objektiven a politesch neutrale Resumé vun den Diskussiounen un all Stéit verdeelt ginn. Bei méi grousse Projeten a besonnesch wichtegen Decisioune sollen Informatiounsversammlungen organiséiert ginn, wou all Standpunkt am demokrateschen an oppene Geescht ka vertruede ginn.

Administrativ Demarchë sollen de Leit esou einfach wéi méiglech gemaach ginn. D'Gemeng soll iwwer hir Beamte méiglechst vill Stonnen zur Verfügung stoen, dëst och ausserhalb den „normalen" Bürosstonnen. Esou kann z.B. d'Gemeng eemol de Mount Samschdes mueres op sinn. All grouss Gemenge riicht e „Biergercenter" an, an dem all administrativ Demarchen, kënnen einfach an direkt erleedegt ginn. D'Gemenge sollen och fir déi staatlech Verwaltunge kënnen Demandë vun de Bierger entgéinthuelen. Domadder wär och e wichtege Bäitrag fir eng dezentraliséiert a biergerfrëndlech staatlech Verwaltung geleescht. Méiglechst vill Demarchë mussen och iwwert den Internet mat der elektronescher Ënnerschrëft kënnen erleedegt ginn.

Den Déngscht um Bierger ass an all Gemeng vun zentraler Wichtegkeet ! Um Internet oder Infokanal kéint all Gemeng zum Beispill hir Bierger ëmmer aktuell driwwer informéieren ob d'Dokteren, d'Zänndokteren, d'Véidokteren, d'Apdikten an aner medizinesch oder para-medizinesch Personal oder Ariichtunge grad disponibel sinn oder net. Dozou gehéieren och Informatiounen iwwer Consultatiounszäiten, d'Vakanzen vun den Dokteren an esou virun. Och sollt eng Gemeng allzäit nëtzlech Informatiounen iwwer dat noosten Dokteschhaus (« maison médicale ») offréieren, an en direkten Link op d'Servicer vum 112 bidde mat de Spideeler an Apdikten déi Déngscht hunn.

Beim Rekrutement vum Gemengepersonal ass net nëmmen drop opzepassen, dat eis behënnert Matbierger berücksichtegt ginn, mä och dat d'Kompetenz zielt a net d'Parteikaart.

D'Chancegläichheetskommissiounen ginn ersat duerch Kommissiounen fir d'Familljen an d'Kanner. Aus der Auslännerkommissioun gëtt d'Integratiounskommissioun.

Auslänner déi d'lëtzebuerger Nationalitéit kritt hunn, sollen op der Gemeng empfaangen an am Kader vun enger Abiergerungszeremonie häerzlech begréisst ginn.

D'ADR verdeedegt och de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. De Staat soll sech just ëm déi Aufgabe këmmeren, déi net besser um Niveau vun der Gemeng kënnen erleedegt ginn. Déi Gesetzer déi, déi respektiv Zoustännegkeete vum Staat a vun de Gemenge regelen, musse regelméisseg de Realitéiten ugepasst ginn an d'Zoustännegkeet vun de Gemenge genee festleeën. Dozou gehéiert och, dat d'Gemenge genuch finanziell Mëttelen hunn, fir hir Aufgabe kënnen ze erfëllen.

Fir dat d'Gemengen och laangfristeg kënne plangen, däerf de Staat keng Onsécherheeten an de Gemengefinanze verursaachen. Anescht wéi bis elo, musse geplangten Ännerungen am Steiersystem déi d'Gemengen direkt concernéieren, och mat hinnen am Virfeld beschwat ginn. Wann de Staat de Gemenge wëll zousätzlech Aufgaben uvertrauen, da muss en och dofir suergen, dat d'Gemengen esou finanziell Méibelaaschtunge kënne packen. D'Gemenge brauche finanziell Sécherheet fir kënne laangfristeg ze plangen – op déi Tatsaach muss de Staat besser uecht ginn !

D'ADR fuerdert eng komplett Transparenz an de Gemengefinanzen. All Bilane mat alle Fuerderunge vun der Gemeng, de Gemengesyndikater asw musse fir all Bierger op sinn, am einfachsten um Internet. Gläichzäiteg soll d'Comptabilitéit vun de Gemenge méi en analytesche Charakter kréien an de Rechnungshaff (Cour des Comptes) muss fir d'Kontroll vun de Gemengefinanzen zoustänneg ginn.

D'Gemenge musse besser drop oppassen, dat keng Suen onnéideg ausgi ginn. Eng interkommunal Zesummenaarbecht ass, besonnesch bei grousse Projeten, wënschenswäert. Bei den Devisë fir nei Projete mussen ëmmer och d'Ënnerhaltskäschtë matgedeelt a berechent ginn. Allgemeng sollen d'Gemengen och méi mat ëffentleche Soumissioune schaffen, fir d'Käschte weider rof ze drécken.

D'ADR encouragéiert Gemengefusiounen, woubäi si sech fir de Prinzip vun der Fräiwëllegt ausschwätzt. Déi praktesch Modalitéite vun esou Fusiounen (Iwwergankszäiten, Zuel vun de Memberen am Gemengerot, congé politique fir de Buergermeeschter an esou weider) sollten awer méi streng geregelt ginn.

E : Méi Liewensqualitéit duerch Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet

Op e puer Plazen an dësem Programm ass d'ADR schonn drop agaangen, wéi wichteg dat et fir si ass dat déi eeler, behënnert a krank Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Liewen an enger Gemeng ausgeschloss ginn. Virun allem beim Transport oder bei administrativen Demarchë sollten d'Gemengen deene Leit ganz aktiv hëllefen. Och déi Veräiner déi sech besonnesch ëm déi eeler Leit këmmeren, verdéngen et ënnerstëtzt ze ginn. D'ADR ass sech bewosst, dat d'Zuel vun den eelere Matbierger an deenen nächste Joere weider klëmmt an dat et dofir och besonnesch wichteg ass, fir eis Gemengen un hir Besoine mat unzepassen.

Niewent speziellen Aktivitéite fir déi eeler Leit, sollten d'Gemengen och mathëllefen fir dat déi Leit esou laang wéi méiglech kënnen an hire Wunnenge bleiwen an e méiglechst eegestännegt an eegebestëmmte Liewe féieren. Dozou gehéiert och dat eng Gemeng mat dru plangt fir genuch Seniorewunnengen, wa méiglech op enger zentraler Plaatz, ze hunn. D'Hëllefsdéngschter fir déi eeler Leit sollen hir Aarbecht kënnen ënner optimale Conditioune maachen. Handwierklech Aarbechte sollen deenen eelere Matbierger vun der Gemeng ugebuede ginn, zu Tariffer déi sech u soziale Critèren orientéieren. All dëst si Moossnamen déi mat garantéieren, dat déi eeler Leit an eiser Gesellschaft voll integréiert bleiwen.

En aanert wichtegt Element vun der sozialer Gerechtegkeet ass dat och Famillje mat Kanner sech nach kënne Wunnraum leeschten ! Dofir ass et wichteg dat et genuch Baulandreserve gëtt an dat de Bauperimeter an all Gemeng iwwerpréift gëtt. Gläichzäiteg soll awer dat vill Gebauts tëschent den Uertschafte gestoppt ginn, fir dat eis Landschaft net nach weider verwunnt (« zersiedelt ») gëtt.

D'ADR ënnerstëtzt all Forme vu sozialem Wunnengsbau, wéi z.B. Terrainen déi iwwer de Wee vum „bail emphytéotique“ zur Verfügung gestallt ginn an Wunnenge wou d'Leit iwwer de Loyer spéider kënne Proprietaire ginn (Mietkaufsystem). D'Critère iwwert déi d'Leit an de Genoss vum Sozialwunnengsbau komme mussen erweidert ginn, esou datt all Famill mat Kanner dovunner fir hir éischt Wunneng ka profitéieren.

Inhaltsverzeechnes

1: D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur op déi éischt Plaz!.....2
2: Fir behënnertegerechte Gemengen!.....3
3: Fir eng besser ëffentlech Sécherheet.....4
4: Sozialpläng fir Familljen.....5
5: Neen zum Tram, Jo zum City-Tunnel.....6
D'ADR fir méi Liewensqualitéit:.....7
eis aner Iddien a Propositiounen 7
A: Méi Liewensqualitéit fir jonk Familljen, Jonker a Kanner.....9
B: Méi Liewensqualitéit duerch Sport, Kultur a Natur.....10
C: Méi Liewensqualitéit duerch sécher, roueg a propper Gemengen.....11
D: Méi Liewensqualitéit duerch eng biergerno Politik a gutt Gemengeverwaltungen 12
E : Méi Liewensqualitéit duerch Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet 14